LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél. : 247 82530

Réf : 220/19

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 AVR. 2019

Luxembourg, le 18 avril 2019

**Objet**: Question parlementaire n° 554 de l'honorable Député Monsieur Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n° 554 de Monsieur le Député Marc Goergen**

**Wéi vill Infraktioune goufe géint d'Artikel 4 a 5 vum Déiereschutzgesetz säit der Aféierung vum Gesetz konstatéiert? Wéi vill vun dësen Infraktiounen hunn zu enge vun de genannte Strofe vum Artikel 17 vum genannte Gesetz gefouert?**

Et ass 1 Fall erfaasst, wou eng Persoun Déieren ouni déi obligatoresch Autorisatioune gehalen huet an dofir och vun der Justiz poursuivéiert gouf.

Anersäits si bei de Kontrollen op de Bauerebetriber a 15 Fäll Verstéiss festgestallt ginn, déi am Kader vun der Cross-Compliance mat enger Kierzung vun de Subside bestrooft goufen. A kengem vun deenen Dossier'en war en Transmis un de Parquet néideg.

**Artikel 10 (3) vum Reglement zur Hale vun Déiere gesäit vir, dass Muppen temporär dierfen un eng Ketten ugestréckt sinn déi net méi kuerz wéi 6 Meter däerf sinn. Wéi vill Fäll sinn dem Här Minister bekannt, an deene géint dës Bestëmmung verstouss ginn ass? Ginn präventiv Kontrollen duerchgefouert, fir Mëssstänn ze verhënneren?**

Dës Dispositioun ass net nei; si stoung schonn am viregten Déiereschutzgesetz vu 1983. An 3 Fäll ass géint dës Bestëmmung verstouss ginn, an de Joren 2015-2017, an de Problem konnt all Kéiers geléist ginn ouni datt weider juristesch Mesuren néideg waren. Präventiv Kontrolle gestalten sech schwiereg, z.B. wann en Hond an engem Bannenhaff ugestréckt ass, dee vu baussen net ka gesi ginn. Sou Mëssstänn kënne nëmmen konstatéiert ginn, wann se der Veterinärsverwaltung gemellt ginn.

**Den Artikel 14 (5) vum Reglement zur Hale vun Déiere gesäit vir, dass Kazen, déi op landwirtschaftleche Betriber liewen, net musse gechippt, steriliséiert oder kastréiert ginn. Kann den Här Minister erklären, firwat dës Derogatioun virgesinn ass? Wat ass den Ënnerscheed tëscht enger Kaz, déi op engem Bauerenhaff lieft an enger, déi bei enger Privatpersoun lieft?**

Am Reglement ass rieds vu " chats errants dans les exploitations agricoles ", et handelt sech also ëm Kazen, déi kengem gehéieren. Oft sinn et wëll Kazen, déi sech e Bauerenhaff als Iwwerdaach eraussichen oder Kazen, déi do gebuer sinn, mee prinzipiell nach ëmmer wëll Kaze sinn. Hei gëtt et also kee definéierte Proprietär, deen d'Kaze misst chippen a kastréiere resp. steriliséiere loossen.

---